Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. September 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

D'Zuel vun elektroneschen Trottinetten, genausou wéi Vëloen hëlt am deegleche Verkéier ëmmer méi staark zou. Am Géigesaz zu den Autoe sinn dës allerdéngs net strikt vum Floss vun de Foussgänger getrennt, mee notzen dacks déi selwecht Weeër, wéi Trottoiren, Foussgängerzonen (deelweis och am Fall, datt et verbueden ass), wat op mannst eenzel Zesummestéiss onvermeidlech mécht. Als schwächste Member vum Verkéier ass de Foussgänger naturgeméiss am Nodeel, wärend d'Méiglechkeete vu Farerflucht opgrond vun där feelender Identifizéierungsméiglechkeet ongläich méi grouss si wéi beim Auto.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, d'Notzung vun deene genannte Gefierer mat enger Haftflichtversécherung ze verbannen, genausou wéi enger Obligatioun, déi entspriechend Pabeieren analog zum Auto mat sech ze féieren?
2) Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, an de Schoule speziell Coursen unzebidden, fir och mannerjäreg Chaufferen op déi gëllent Obligatiounen opmierksam ze maachen a fir d'Risike vun deene genannte Gefierer ze sensibiliséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten